ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Digitaliséierung weiderzeleeden.

An enger Pressematdeelung vum 3. Juni mécht de *Chaos Computer Club Lëtzebuerg* op eng Rei Bedenken opmierksam, déi si am Zesummenhank mam elektronesche Patientendossier hunn. Et geet virun allem ëm d' Fro vun der Sécherheet an dem Dateschutz vun esou enger zentraler Datebank. De *Chaos Computer Club Lëtzebuerg* warnt dann och virdrun, datt sech eist Land iwwert de Wee vun enger zentraler Datebank ëmmer méi a Richtung vun engem Iwwerwaachungsstaat entwéckele kéint, wann an Zukunft z.B. ëmmer méi Persounen an/oder Institutiounen Zougréff op perséinlech Donnéeën vun de Bierger hunn.

Doweinst wéilte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. De Bierger huet jo op fräiwëlleger Basis d'Méiglechkeet, den elektronesche Patientendossier nees zouzemaachen. Wat geschitt an deem Fall mat deene gespäicherten Donnéeën? Ginn dës automatesch geläscht oder muss de Patient dat nach eng Kéier extra ufroen?
2. Wéi de Gesondheetsministère an den heefeg gestallte Froen (FAQ) matdeelt, ginn d'Patientendonnéeën an engem „Gesundheitssafe" gespäichert. Weider Prezisiounen iwwert dëse „Gesundheitssafe" feelen awer. Wéi gesäit dëse „Gesundheitssafe" konkret aus a mat wéi engem technësche Mëttelen ass dëse geséchert?
3. Kann d'Regierung der Chamber matdeelen, wéi eng Persounen an/oder Institutiounen Zougréff op den elektronesche Patientendossier hunn? Ass séchergestallt, datt dësen Zougréff och an Zukunft strikt limitéiert bleift an net op aner Persounen an/oder Institutiounen erweidert gëtt?

4. Huet d'Regierung de gesamte Volet vum elektronesche Patientendossier am Hibléck op d'Konformitéit mat de Bestëmmunge vum Dateschutz kontrolléiert? Wa jo, wéi eng Erkenntnisser hunn sech doraus erginn? Wann nee, gedenkt d'Regierung dat zäitno ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten